Sëlwerpabeier, kann ech dee getrennt sammelen?

Jo!

A verschiddene Recyclingszenteren. Soss am Reschtoffall. Am beschte verzichts du awer ganz op Sëlwerpabeier a notz Verpackunge mat enger méi laanger Liewensdauer.

Parzeläin & Spigel, kann ech déi am Glas-container entsuergen?

Nee!

Nëmme Glasbehälter gehéieren an de Glascontainer. Parzeläin & Spigele kënnen am Recyclingszenter getrennt entsuergt ginn.

Plastiktut & -folie, kann ech déi getrennt sammelen?

Jo!

Am Recyclingszenter, den RE-Boxen oder am grénge Valorlux - Sak (wann disponibel). Am beschte verzichts du awer direkt ganz op Plastiktuten a -folien a notz Verpackunge mat enger méi laanger Liewensdauer.

Kaffisbecher to go, kann ech dee mam Pabeier & Kartong trennen?

Nee!

Knaschtege Pabeier & Kartong kann net recycléiert ginn a muss an de Reschtoffall. Ausserdeem sinn dës Becheren oft mat Plastik versinn (Deckel, Beschichtung,...). Am beschten verzichts du ganz op Ewechpuchbecheren a notz Behälter mat enger laanger Liewensdauer.

Knaschteg Behälter, muss ech déi wäschen ier ech se trennen?

Nee!

Behälter a Konserven kënne "läffelpropper" entsuergt, a musse net ausgespullt ginn. Di meescht Behälter kënne recycléiert ginn.

Trennen ouni Trennungs-trauer? Maach et richteg! N°1

Kaffisaz, kann ech deen an den Offloss schëdden?

Nee!

Kaffisaz gehéiert (ouni Plastik- oder Aluminium-Kapsel) an de Biooffall. Am beschte verzichts du direkt ganz op Kaffi-Kapselen! Generell sollt ee keng lessensreschter, Ueleg oder Fetter an den Offloss schëdden. Dës kënnen den Offloss verstoppen a Schied an der Kläranlag uriichte bzw. d'Ofwaasser onnéideg belaaschten.

Enveloppefënster, däerfen déi mat an de Pabeier- & Kartongscontainer?

Jo!

Et kann een se ausschneiden an am Reschtoffall entsuergen, et ass awer kee Muss.

Metalldeckel a Korkstëpp, kënnen déi mat an de Glascontainer?

Nee!

Metalldeckel kënnen iwwert de bloe Valorlux-Sak getrennt entsuergt ginn. Déi meescht Recyclingszenter hunn eng Sammelstatioun fir Korkstëpp.

Fotoen, kann ech déi am Pabeier- & Kartongscontainer entsuergen?

Nee!

Fotoe kann een net recycléieren. Se mussen am Reschtoffall entsuergt ginn. Dat nämmlecht gëllt fir beschichten a plastifizéierten Pabeier.

Etiketten op Glasbehälter, däerfen déi mat an de Glascontainer?

Jo!

Et kann een se erof huelen, et ass awer kee Muss.

Editeur

www.ebl.lu
info@ebl.lu
(+352) 247 86831

Ebl

An Zusammenarbecht mat

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg – Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable – Administration de l'environnement

SDK SuperDrecksKëscht® – Ressourcen Innovation Nohaltegkeet Circular Economy

ecotrel – association sans but lucratif

VALORLUX – Ensemble, en route vers un monde durable

Publizéiert vun

Gemeng Waldbëlleg

WALDBËLLEG – Commune de Waldbillig

KlimaPakt – European Energy Award